ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Zanter e Mëttwoch kann een sech um Site *impfen.lu* op eng Waardelëscht aschreiwen, fir kënne geimpft ze ginn. Bei dëser Prozedur, déi een iwwert *myguichet* ofwéckelt, stellen sech allerdéngs Problemer. Et kënnt deemno vir, datt dem Benotzer folgend Feelermeldung ugewise gëtt:

"Le numéro d'identification national (matricule) que vous avez renseigné n'a pas l'autorisation d'effectuer cette démarche ou est déjà inscrit."

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Madamm Minister:

1. Ass sech d'Madamm Minister bewosst, datt deen uewe genannte Problem sech fir Persoune stellt, déi sech wëllen um Site *impfen.lu* op d'Waardelëscht aschreiwen?
2. Wa jo, wat gedenkt d'Madamm Minister elo ze ënnerhuelen, fir datt dëse Problem behuewe ka ginn? A wéi engem Zäitraum kann een domat rechnen, datt dëse Problem behuewen ass?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten